

adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire



Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Januar 2020 kruten eng Rei Clienten vun der Post e Bréif an deem steet, datt hir Telefonsrechnung fir Dezember un eng aner Persoun („Empfänger“) geschéckt gouf. Well op deenen Ofrechnunge jo awer all Telefonsnummere am Detail opgezielt sinn, déi dee betreffenen Abonnent kontaktéiert huet, handelt et sech hei em en Iertum oder eng Pann, déi kloer als Verletzung vun der Privatsphär vun deene betraffene Clienten muss ugesi ginn.

Dowéinst wollt ech dem Här Wirtschaftsminister dës Froe stellen:

1. Weess d'Regierung vun dem Tëschefall an, wa jo, wéi huet si reagéiert?
2. Wéi vill Leit si betraff a wat sinn d'Ursaache vun dem Problem?
3. Wéi eng Moosname huet d'Post getraff, fir esou eng Pann an Zukunft ze verhënneren?
4. Wéi eng Rechter hunn déi betraffe Clienten vun der Post an dëser Affär?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 18 février 2020



Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

L-2450 LUXEMBOURG

Réf. : Co/QP1768-02/SW-rg

Objet: Question parlementaire N° 1768 du 23 janvier 2020 de Monsieur le Député
Fernand Kartheiser.

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous
rubrique.

Pour le Ministre de l'Économie

Tom Theves
Premier Conseiller de gouvernement

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°1768 de
Monsieur le député Fernand Kartheiser au sujet des factures de POST Luxembourg envoyées à la
mauvaise adresse**

D'Regierung gouf net iwwert dësen Tëschefall informéiert. Opgrond vun der Natur vum Tëschefall (eng Divulgatioun vu perséinlechen Donnéeën un Drëtter), huet POST Telecom, a Konformitéit mat hiren Obligatiounen als Responsabele vun der Dateveraarbechtung, d'CNPD notifiéiert.

Op Nofro huet d'Post uginn dass 512 Cliente betraff ware well se eng oder méi Rechnunge kruten, déi net fir si waren. 586 weider Clienten hunn hier Rechnung guer net kritt, well se un en aner Empfänger geschéckt gouf.

Den Tëschefall ass op eng falsch Manipulatioun beim Ännere vun engem Parameter an der Gestionssoftware fir d'Clienten zeréckzeféieren.

Et louch keng Absicht fir ze schuede vir an etlech technesch Measure sinn a Plaz gesat gi fir d'Qualitéitskontroll an der Produktioun vun de Rechnungen ze verbessern.

All déi betraffe Cliente kruten den 20. Januar 2020 e Bréif, an deem d'Post sech entschëllegt. Déi Clienten, di eng Rechnung kruten déi net fir si bestëmmt war, sinn doran och opgefuerdert ginn, dës Rechnung ze zerstéieren. Di falsch zougestellte Rechnunge sinn op e neits gedréckt ginn an un d'Clienten, déi hir Rechnung net kritt haten, verschéckt ginn.